

## Evangelium vum 29. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)

### Mt 22,15-21

- 15 D'Pharisäer sinn zesummekomm  
an hunn ënnerenee beroden,  
wéi si de Jesus mat sengen eegene Wieder fänke kéinten.
- 16 Si hunn hir Jünger bei hie geschéckt,  
zesumme mat dem Herodes senge Leit,  
an déi soten: "Meeschter,  
mir wëssen, datt s du e Mënsch vun der Wourecht bass,  
datt s du d'Leit dem Herrgott säi Wee esou léiers,  
wéi e wierklech ass,  
an datt s du dech vu kengem beaflosse léiss,  
well s du net op d'Persoun kucks.
- 17 Duerfir so äis, wat s du mengs:  
Ass et erlaabt, dem Keeser Steieren ze bezuelen,  
oder net?"
- 18 De Jesus awer huet hir Nidderträchtegkeet erkannt  
a sot: "Wat stellt dir mech op d'Prouf,  
dir Schäinhelleger?"
- 19 Weist mir déi Mënz, mat där d'Steiere bezuelt ginn!"  
Si hunn him eng Sëlwormënz gereecht.
- 20 Du sot hien zu hinnen:  
"Wiem säi Bild a wem seng Opschrëft ass dat hei?"
- 21 Si hunn him geäntwert: "Dem Keeser seng."  
Dueropshi sot hien zu hinnen:  
"Da gitt dem Keeser dat, wat dem Keeser zousteet,  
a gitt dem Herrgott dat, wat dem Herrgott zousteet!"